NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

3/2007

Virwuert

## Léiw Frënn vum Comité Alstad,



Mat den drëtten Alstad News wëlle me Iech iwer déi nächsten Aktivitéiten vum Comité Alstad informéieren.

Dat ass dann als éischt op OUSCHTERMÉINDEG „D"ÉIMAISCHEN".

Wou mier Iech den 6. bas-relief aus der Serie „DE FUUSS AM FRACK AN A MANSGRÉISST" an den éischten „PECKVILLCHEN COMITÉ ALSTAD" ubidden.

An onsem „OUSCHTERSALON'07" an der Galerie Konschthaus Beim Engel présentéieren mir Iech eng flott Ausstellung mat Panoramafotoën vum GUY WOLFF "STAD LËTZEBUERG - 180 °." An am Sous-sol e Reckbléick iwert d'Éimaischen mat enger ganz flotter Ausstellung vun 700 PECKVILLERCHER déi ons vun der Madame SCHLUNGS zur verfüjung gestallt goufen.

An dann nëtt ze vergiessen, onsen „3.AULEBÄCKERMAART AN DER ALER STAD"

Nach op e Wuert. Wann Dier eventuel intresséiert sidd bei ons matzeschaffen, zéickt nött fir ons ze kontaktéieren. – Mir géifen ons fréiën.

Vun döser Plaaz all onsen Membren, Sponsoren a Frënn vum Comité Alstad an der Alstad, schéin Ouschteren, a bis geschwönn.

Jean-Mathias GOERENS
*President*



## OPRUFF

Mir sinn derbei fir en Fotoarchiv opzebauen, a mir wieren nach e well ganz frou wa mir dobei kéinten op Är Mathöllef zielen.

Mir sinn op der Sich no Fotoën vun onser Alstad. Dat können Architekturphotoë sinn oder vun kulturelle Manifestatiounen, natirlech och vun der Éimaischen. Et können och Photoë sinn vun sportlechen Evenementer oder vu Fëschmaarter Veräiner. Och si mir natiirlech intresséiert un Fotoën vun der Mechelskierch oder vu réliéis Gebräicher (Prozessiounen, Kommunioun asw.). Fotoën déi awer och intressant sinn, sinn Fotoen vu Persounen, déi z.B. um Fëschmaart gelieft hun. Je, mir sichen all Zort vu Fotoën déi mam Fëschmaart onser Alstad ze dinn hun.

Wann Dier sollt esou Fotoën hun, wiere mir ganz frou wann Dier ons Är Fotoën géift zur Verfüjung stellen, fir dass mir dovun können eng Copie machen. Et versteet sech vum selwen dass Är Originaler mat der gréisst méiglecher Suergfalt behandelt ginn, an dass Dier Är Orginaler onbeschiedegt zréick kritt.

Wann Dier ons hëllefe könnt, da rufft ons einfach un, um **TELEFON: 46 61 88**

Elo schonns e ganz grousse Merci fir Är Mathëllef

**Sëtz:** 1 Logegaass um Fëschmaart
**Postadress:**
Postkëscht 1325 • L-1945 Lëtzebuerg
**Telefon:** 46 61 88 • Fax: 40 97 50
**E-mail:** comite.alstad@pt.lu
**Internet:** www.comitealstad.lu

# RONDERÖM DE FËSCHMAART

## GESCHICHT A GESCHICHTERCHER AUS DER ALER STAD (2)

ZESUMMENGESTALLT
VUM CLAUDE ESCH
D'FOTOËN SI VUM SERGE DI PAOLI

Gi mer ënnert den 3 Tiir erduerch an dann no riets, da kommen mer op den boulevard Victor Thorn. Hei gesi mer op der rietser Säit, den hënneschten Deel vun dem Gebai wat bis zum 1.Juli 1999 d'Josephsklinik wor. An de leschten Joeren gouf Gebäi komplett renovéiert an haut ass ëtt keng Klinik méi, ett sin Wunengen an Geschäfter. Op der lenker Säit e Spueneschen Tiirmchen vun do mer aus och e schéinen Bléick hun op den Bockfiels mat der Schlassbréick.

Aplaaz vun der der Faalbréick, déi aus Holz gebaut wor, an déi de Bock mat der Uewerstad verbonnen huet, gouf 1735 ënnert dem Karel VI. déi schéin massiv Bréick gebaut. Nött ze vergiessen sin Kasematten déi vun der Késerin Maria-Thérèsia mat vill Mé a och vill Geld ugeluecht goufen. Bemierkt siew nach, dass ëtt sech hei ëm klengen Deel vun engem gewaltegen Netz vun önnerirdeschen Gäng handelt, vun am ganzen 23 Kilometer Längt déi di verschieden Festungswierker mateneen verbonnen hun. Am zweeten Weltkrich hun Kasematten als „Luftschutzbunker" gedengt fir d'Awunner aus dem Quartier an Ëmgéijend, an den Schlëssel vir eran gouf vis-à-vis am Paschtoueschhaus versuergt. Déi gereimeg an och zimlech hell Kasematten ginn nach haut gären vun den Touristen besicht. Onsen Trëppeltour féiert ons weider, mir paséieren Strooss an da kommem mer op „d'Corniche" oder ewéi déi Alstater soen „de Rampart". Vun hei aus no lenks gekuckt hu mir eng wonnerbar Vue op den Stadgronn an op d'Rumm. E puer Schrött weider op der rietser Säit „Maison de Cassal". E grousst Gebäi dat duerch seng onregelméisseg Fassaden opfällt. D'Haus gouf Ënn vum XVI. Joerhonnert vum Schreiwer vum Provinzialrot, dem Baron P.M. de Cassal gebaut. E Beispill vun enger gudder Renovation vun engem alen Biergerhaus. Wann een bei der aler Zaldotenkasären (den heitegen Staatsarchiv) sech nach eng Kéier ömdréit an zreckbléickt, fallen engem déi Wieder nees an déi de Batty Weber eng Kéier gesot huet, ewéi en engem Friemen ons Stad gewisen huet: „Sti mer nött hei op dem schéinsten Balkon vun Europa". Lanscht den Staatsarchiv, als dat fréiert bommensecher Krichslazarett, gebaut vum Deitschen Bond (1857-1860), trëppele mer an "d'Helleg Geeschtstrooss". Rechts gesi mer e schéint Barockhaus aus der Zeit ëm 1750. Gi mer weider kommen mer bei en Haus mat engem Bannenhaff. 1713 huet ëtt dem Grof vun Woltz/Ardennen gehéiert. 1795 hun hei franzéisch Revolutiounszaldoten e Schatz vun 600.000 Pond fond. E puer Meter weider den Geschichtsmusée vun der Stad Lëtzebuerg deen en onbedengt besichen soll. No onser Visite am






Musée ginn mer „d'Hossegässel" erof an den Bredewee. Esou lang d'Stad am wesentlechen aus dem Fëschmaart an aus den Ënnerstied bestaan huet, wor den Bredewee eng Haptverkéiersstrooss. Am Bredewee gesi mer dann op den hönneschten Deel vun der Maison de Cassal. Nach eng kleng Bemierkung, am Joer 1794 huet d'Haus mat der N° 9, dem Metzler Johann Strock gehéiert an vun 1902 un wor hei am Haus déi éischt Kannercrèche vun der Stad Lëtzebeurg bis se 1932 dunn endlech en Ënnerdach fond huet um Plateau Almönster wou se haut nach ass. 1795 hatten d'Franzousen am Haus N° 11 Friddensgeriicht ënnerbruecht. An der Zäit woren awer op deenen zwou Säiten Häiser wouvun eng Säit d'Häiser ofgerappt goufen. Dozou eng kleng Rätsel: „Wirwat ginn d'Panngecher am Bredewee nömmen op enger Säit geback? Méi ganz einfach, wëll nömmen op enger Säit Häiser stinn." D'Puert am ënneschten Del vum Bredewee gouf schons am XV. Joerhonnert an den Dokumenter ernimmt. An och um Plang Deventer ass d'Puert schons agezeechent. Gi mer den Bredewee erop sti mer virun engem schéinen Bou. Et ass "D'Hellepuert" den wahrscheinlech am X. Joerhonnert gebaut gouf. Mé hei ginn Meenungen vun onsen Historiker auserneen.

**Weider op onsem Trëppeltour geet ëtt an den ALSTADNEWS 4**







# E Peckvillchen
## vum Comité Alstad



Wann een vun der Éimaischen schwätzt, denkt een jo och direkt un den Peckvillchen. Vun 1937, vun der Grëndung, bis haut huet de Comité Alstad fir d'Éimaischen jo scho vill flott Sachen erausbruecht, wou muencher een sech eng schéin Sammlung vun Éimaischen-Erönnerungen ugeluecht huet. Erönnere mer kuez un dem Léon Nosbusch seng Serie, d'Serie mat den Telleren vun den Handwierker-zonften, Sigelen vun den 4 Kéiser, déi blo Serie vum Romy Weydert an nach villes méi. An der langer Traditioun vum Comité Alstad sengen Éimaischen-Undenken gouf ëtt awer bis haut nach keen Peckvillchen. Abe, fir döst Joer gött ëtt dann als Erönnerung un d'Éimaischen 2007 e Peckvillchen.

Me, wéi koumm ëtt dann zu der Iddi. Wéi an den vergaangenen Joeren, hatt onsen Member Serge Di Paoli och d'Plakatt entworf fir d'Éimaischen 2006. Op der Plakatt wor an e puer Stréich e Peckvillchen skizéiert. Deen huet ons direkt gudd gefall an dun ass och schons Décisioun gefall fir dösen Peckvillchen an den Faarwen vun onsem Logo (orange a blo) eraus ze ginn. Mir hun och direkt mam Peter Stein, Responsablen vun der Keramikfabrik (Atelier vun der Vereenegung Autisme Luxembourg) Kontakt opgehol. An dun nass op Hand vun der Skizz e Modell gemach. A wéi mer deen éischten Modell gesinn hun, wor ëtt klor. **Fir d'Éimaischen 2007 gött ëtt e Peckvillchen vum Comité Alstad.**

An elo ass deen éischten Peckvillchen vum Comité Alstad do. De Peckvillchen, an enger klenger Oplo vun nömmen **300 Stéick**, wéi gesoot an den Faarwen vun onsem Logo kann een vun elo un beim Comité Alstad bestellen duerch iwwerweisen vum **25 €** pro Stéick (**Souskriptiounspräis**) op een vun onsen Konten bei der:

| | |
|---|---|
| **Fortis Bank Lëtzebuerg:** | **IBAN LU64 0030 7564 6694 0000** |
| **Spuerkeess:** | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| **Postscheck:** | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |

**An dat bis spéistens den 5. Abrëll 2007. Duerno kascht den Peckvillchen 30 €.** Ofhuelen kann een säin bestallten a bezuelten Peckvillchen Oschterméindeg, den 9 Abrëll 2007 op der Éimaischen um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun muerjes 9:00 bis 12:00 Auer.

Dejéinegen deen nött kann op der d'Éimaischen kommen fir säin bestallten Peckvillchen ofzehuelen, kann dat machen vum 10. Abrëll un an der Galerie „Konschhaus Beim Engel" op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart an dat all Dag ausser Méindes, vun 10:00 – 12:00 Auer a vun 13:00 – 18:30 Auer. Nach ze bemierken, dass de Peckvillchen an enger klenger Zuel vun nömmen 300 Stéick an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht vun autistesch Behönnerten Matmönschen gemach gouf.

Schéin Ouschteren a vill Freed mat Ärem Peckvillchen vum Comité Alstad.

## Renert oder de Fuuss am Frack an a Maansgréisst. (6. Bas-relief den Hues "Lampert")



*Abbee, sot drop de Kinnek.*
*Da bass de nach net lass.*
*Wien huet dem brave Lampert*
*de Kapp erofgebass*
*(XI Gesank)*

Viru sechs Joer hat de Comité Alstad e Concours lancéiert wou ëtt dröms gang ass fir d'Figuren aus dem Michel Rodange sengem Renert z'entwerfen an ze modelléieren. Décisioun vum Jury wor demols estömmeg an den éischten Präis gouf der Könschtlerin Yvette Gastauer vu Scheffleng zouerkannt.

An du koum Joer fir Joer fir d'Éimaischen eng Figur eraus. Bis elo woren ëtt: 1982 hu mer ugefang mam Fuuss an du koum Joer fir Joer de Bier, de Wollef, de Léif an den Hond. A fir déi dösjähreg Éimaischen ass ëtt den Hues „Lampert". Den **Hues „Lampert"** kannn een vun elo un beim Comité Alstad bestellen duerch iwwerweisen vum **40 € pro Stéick** (Souskriptiounspräis) op een vun onsen Konten bei:

| | |
|---|---|
| SPUERKEES: | IBAN LU LU64 0019 1755 0897 0000 |
| POSTSCHECK: | IBAN LU LU02 1111 0080 8736 0000 |
| FORTIS BANK LËTZEBUERG: | IBAN LU19 0030 7564 6694 0000 |

An dat bis spéistens den 5. Abrëll 2007. Duerno kascht den Hues „Lampert" **45 €.** Ofhuelen kann een säin bestallten a bezuelten Hues, Oschterméindeg, den 9. Abrëll 2007 op der Éimaischen um Stand vum Comité Alstad (hannert dem Palais) vun muerjes 9:00 bis 12:00 Auer.

Dejéinegen deen nött kann op dér Éimaischen kommen fir seng Bestellung ofzehuelen, kann dat machen vum 10. Abrëll un an der Galerie „Konschhaus Beim Engel" op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart an dat all Dag ausser Méindes, vun 10:00 – 12:00 Auer a vun 13:00 – 18:30 Auer. Och den Hues „Lampert" gouf an der Keramikfabrik hiergestallt.

Wann nach deen een oder aneren intresséiert ass fir d'Figuren ze kréien vun deenen Joeren virdrun, zéckt nött fir ons unzeruffen.
Weider Renseignementer kritt Dier um Telefon 46 61 88

## 3. Aulebäckermaart an der aler Stad (Ronderöm de Palais)





Dass schon eng kleng Traditioun dass de Comité Alstad, an Zesummenarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, an der zweeter Woch Juli den Aulebäckermaart an der aler Stad organiséiert. Deen éischten an och deen zweeten Aulebäckermaart wor allkéier Samschdes am spéiden Nométeg an huet bis Mötternuecht gedauert. Méi dat wor mat muencher Problemer verbonnen, obschon ëtt e groussen Erfolleg wor.

Fir döst Joer gi mer dann och en neie Wee. An den Stroossen vun der Alstad oder besser gesot, ronderöm de Palais ass e **Sonndeg den 1. Juli 2007** den **„3. Aulebäckermaart an der aler Stad"**. Méi wou genau? Wéi schons gesot, ronderöm de Palais, Krautmaartstrooss, Krempelmaart, Wassergaass, um Rouscht an och an der Fleschiergaass. Vun **10:00 Auer un bis 18:00 Auer** présenteieren lech Aulebäcker aus Frankräich, Däitschland, der Belsch a Lëtzebuerg op hieren Stänn aller Hand lerdenwuer. Taasen, Telleren, Wäinbecheren, Humpen, aller Hand Figuren, Vasen fir Blumen, Blumendöppen, Zömmersprangburen, Plättercher, an aner Dékoratiounsartikelen. Hei fönt den Amateur vun der Poterie alles wat d'Häerz begiert. Natirlech kann een och deem een oder aneren Aulenbäcker iwer D'Schölleren kucken wéi esou en Objet aus Toun geformt gött. E gudde Patt ze drénken ,op den Terrassen um Krautmaart, an den Kläng no ze lauschteren vun dem Quintett **„Stater BlechBléiser"** en Ensembel vun der Stat- a Lampertsbierger Musek, déi ons e flotten Concert présentéieren, mat engem ausgewieltem Programm, **um 11:00 Auer virun der Chamber**. Vun **16:30 Auer** un bis zum Schluss vum 3. Aulebäckermaart spazéiert **de Folkklorgrupp „Lidderuucht Lëtzebuerg"**, gekleed an dem Gezäi vun den besseren Leit esou ëm Zäit **1820 – 1890** an ënnert der Leedung vum **Claude Hornick** erfréien lech mat engem **Potpourri vu Lëtzebuerger Lidder**.

Nométtes kann een mat der **Paerdskutsch** e flotten Tour ronderöm d'Alstad man. Natirlech ass de ganzen Dag fir den klengen Honger an Duscht gesuecht. An a verschidden Restaurant'ën gönn der lech mat der Famill oder Frënn e gudden **„Aulebäckermenu"** schmaache lossen.

Och invitéiren mir lech beim Concours matzemann fir déi schéinsten Stand vum Aulebäckermaart ze fannen. De Formular gritt Dier um Stand vum Comité Alstad. Priméiert gött déi schéinsten Stand an önnert all de Visiteuren déi beim Concours matgemaach hun gött e Gewënner ermöttelt deen dan och kann e flotte Präis gewannen.

Losse mer hoffen dass d'Sonn um Rendez-vous ass, an an der Hoffnung, lech an Är Famill an Är Frënn bei ons um 3. Aulebäckermaart begréissen ze können, wönschen mier lech dass Dier e puer schéin Momenter bei ons verbrengt.

Madame, Mademoiselle, Monsieur,
Chères amis de la vieille ville et du Comité Alstad,
L'association «Comité Alstad a.s.b.l.» fondée en 1937 par l'honorable Georges Schmitt, ancien conservateur au Musée National et l'honorable Lambert Schaus, ancien ministre et ambassadeur, à pour objet :


a) de sauvegarder le cachet historique, urbanistique et culturel de la vieille ville
b) d'organiser et de soutenir toutes les manifestations culturelles, folkloriques, artisanales, commerciales, touristiques et sportives qui se dérouleront dans le cadre de la veille ville et plus particulièrement de l'Éimaischen et ceci avec le concours des autorités et groupements intéressés. Cette énumération est i ndicative et non pas limitative. *(Article 3 des statuts)*

Pour cette année, 2007, notre association réalisera d'importantes et coûteuses manifestations comme par exemple: CONCERTS, 3IÈME MARCHÉ DE LA POTERIES, PRODUCTION D'UN FILM SUR L'ÉGLISE ST. MICHEL etc. A ne pas oublier nos manifestations traditionnelles ÉIMAISCHEN et SALON DE PÂQUES (cette année une exposition «LUXEMBOURG – 180°» avec des photos de GUY WOLFF.

Incorporé dans cette exposition, une deuxième exposition ayant comme thème l'Éimaischen avec une collection de 700 PECKVILLERCHER.




Le conseil d'administration vous propose de bien vouloir soutenir les activités du Comité Alstad en restant ou devenant membre d'honneur de notre association.




Ainsi il espère pouvoir compter sur votre bienveillance et votre appui financier à l'égard des nombreuses activités du Comité Alstad. Il vous invite donc à bien vouloir renouveler respectivement acquérir sa carte de membre d'honneur pour l'année en cours.

Voilà pourquoi il vous prie de bien vouloir verser la somme de **10 €**, montant qu'il vous reste d'ailleurs loisible de fixer selon votre propre appréciation personnelle, à son compte **N° IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** auprès de la **FORTIS BANQUE LUXEMBOURG** ou **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** auprès de la **CAISSE D'EPARGNE DE L'ETAT** ou bien **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000, CHÈQUES POSTAUX.**, mention **«MEMBRE D'HONNEUR 2007»**. Votre carte de membre vous sera envoyée par voie postale.

Le conseil d'administration vous remercie cordialement de votre appui tant moral que financier par lequel vous permettez au Comité Alstad de promouvoir la vie culturelle dans notre vieille ville.

Recevez, Madame, Mademoiselle, Monsieur, et chères amis de la vieille ville et du Comité Alstad, nos meilleures salutations.

Le conseil d'administration du Comité Alstad

Jean-M. Goerens, *Président*
Guy May , *Vice-président*
Claude Esch, *Secrétaire gén.*
Marc Brimaire, *Trésorier*
Serge Di Paoli, *Administrateur*